



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

6ten September 2022

Här President,

Ech erlabe mir lech doriwwer ze informéieren, dass ech, conformément zum Artikel 82 vum Règlement de la Chambre des Députés, der Ministesch fir Gesondheet eng mëndlech Fro wéillt stellen.

Kierzlech hunn d'Ministere fir Gesondheet a Sozialversécherung ugekënnegt, dass d'CNS dru schafft, fir Verhütungsmëttel wéi d'Kofferspirale komplett z'iwwerhuelen, an och medezinesch Agrëffer wéi d'Sterilisatioun an d'Vasectomie iwwerholl solle ginn. Verschidde Verhütungsmëttel, wéi déi sougenannte "Pëll duerno" kann een haut scho rezeptfräi an der Apdikht kréien. Déi regulär Pëll, déi haut schonn eng grouss Partie Fraen iwwert Joren deeglech zou sech huelen, kritt een aktuell awer nëmmen op Rezept an der Apdikht. An anere Länner, wéi zum Beispill a Portugal, kritt een déi regulär Pëll rezeptfräi an den Apdikten ze kafen.

Ech wéillt dëse Sujet am Kader vun enger Question élargie gäre méi am Detail mat der Madamm Ministesch abordéieren. An deem Zesammenhang wéillt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:

1. Ass d'Ministesche der Meenung, dass d'Pëll misst rezeptfräi an der Apdikht erhältlech sinn? Falls nee, wat fir Argumenter schwätzen dogéint, fir d'Pëll rezeptfräi zougänglech ze maachen?
2. Ass d'Ministesche net der Meenung, dass ee vereinfachten Accès zur Pëll verschidde Fraen ze gutt kéint kommen? Zum Beispill jonk Fraen, déi sech net traue bei ee Fraendokter oder bei de Planing familial ze goe fir d'Pëll ze kréien oder och Fraen, déi d'Suen fir den Dokter net esou einfach virstrecke kënnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven



www.piraten.lu